N°8082
Entrée le 08.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.06.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/06/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

Eis sinn e puer Temoignagen zougedroe gi wou Leit Problemer haten, fir d'Bréifwal fir d'Gemengewalen dëse Sonnden aus dem Ausland zréck op Lëtzebuerg ze schécken. Dëst geschitt net nëmmen auslännesche Residente, mee och de Student:innen am Ausland. Aner Länner akzeptéieren d'Enveloppe préaffranchi net ëmmer an d'Leit mussen nach no bezuelen, wann si hire Stëmmziedel wëllen ofschécken.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. U wien kënnen sech d'Leit wende, wann d'Land, aus deem se wëllen de Bréif schécken, déi giel Enveloppe net wëll unhuelen?

2. Et ass net déi éischte Kéier, dass Leit aus dem Ausland Problemer mat der Bréifwal hunn. Denkt d'Ministesch net, dass an Zukunft missten d'Bréiwer un eng Lëtzebuergesch Ambassade geschéckt kënne ginn, fir esou Käschte fir d'Wieler:innen z'evitéieren an sécher ze stellen, dass all Bréif ofgeschéckt ka ginn?

3. Ënnert anerem d'Stad Letzebuerg seet de Leit se keinten se och per coursier amplaz un d'Adress déi op der Enveloppe opgedréckt ass. D'Gesetz schreift awer eng "lettre simple" un de Walbureau fir. Ass dëst kompatibel mat den Artikelen 270 an 271 vum Walgesetz?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N° 8082
Entrée le 09.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'urgent parlamentaresch Fro n°8082 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement zum Sujet "Problèmes lors du vote par correspondance"**

Den honorabelen Députéierten informéiert sech iwwer angeblech Schwieregkeete beim Renvoi vum Bulletin de vote per Bréifwal aus dem Ausland op Lëtzebuerg.

Am Virfeld vun de Walen huet d'POST, an Ausféierung vun enger Konventioun mam Staat, eng Informatioun iwwert de Büro vun der Union Postale Universelle (UPU) un d'Postoperateure weltwäit geschéckt, fir se iwwert d'Gemengewalen an d'Prozedur vun der Bréifwal z'informéieren. Alleguer d'Gemengen iwwerhuelen d'Fraise fir de Retour vun der Bréifwal. Dovunner hunn der 96 fir den Envoi-réponse optéiert an déi aner 6 fir Coupons-réponse internationaux.

Ech weess vun enger Gemeng, déi net genuch Coupons-réponse bäigeluecht hat, a vun 3 Fäll, wou et aner Schwieregkeete fir de Retour vum Bulletin per Bréifwal solle gi sinn. Dat sinn 2 Fäll aus Éisträich an 1 Fall aus England, an deenen de Lëtzebuerger Autoritéite matgedeelt ginn ass, dass et Schwieregkeete mat der gratis Akzeptatioun oder dem Retour vun de gielen Transmissiounsenveloppë gi sinn. D'POST huet doropshin direkt Kontakt mat hire Partner op der Plaz opgeholl a krut verséchert, dass si nach emol e Rappel vun de Prozeduren un hir Leit géinge maachen.

Wann d'Wieler mat Schwieregkeete bei der Bréifwal konfrontéiert sinn, kënne si sech un de Kontaktzenter vun der POST wenden: iwwert den Telefon +352 2424 8004 aus dem Ausland, iwwer E-Mail u contact.courrier@post.lu oder wann een de Kontaktformular vum Internetsite www.post.lu ausfëllt.

Fir Bréiwer un eng Ambassade ze schécken, ass keng Optioun. Am Prinzip hunn d'Wieler och keng Onkäschten, well d'Gemengen dës iwwerhuelen. Just a seelenen Ausnamefäll, wou de Retour, trotz alle Précautiounen, déi d'Post geholl huet, net funktionéiert, kann et virkommen, dass e Wieler de Retour selwer muss bezuelen.

D'Optioun, fir de Walziedel per Coursier zréckzeschécken, gëllt virun allem bei de Chamberwalen, an zwar fir Lëtzebuerger, déi hire Wunnsëtz an Iwwerséi hunn. Vun do aus kann de Retour méi laang wéi üblech daueren.

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding